

## **Quelques pistes pour l'homélie du dimanche 3 février 2018 – Fête de l'enfance Missionnaire**

En quelques lignes, ce texte de l'Évangile de Marc fait le compte-rendu de la journée type de Jésus à Capharnaüm, une journée bien remplie.

Le matin, Jésus est à la synagogue. Puis dans la maison de ses amis où il guérit la belle-mère de Pierre. Le soir, à la fin du sabbat, on lui amène malades et infirmes, la ville entière se presse à sa porte, il guérit toute sorte de maladies et chasse beaucoup d'esprits mauvais. Dans la nuit, on le retrouve en prière et il décidera de repartir pour les villages voisins. Voilà une journée type de Jésus. Par certains côtés nos journées surchargées ressemblent bien à la sienne à la différence que la journée de Jésus se nourrit de sa relation au Père et est toute tournée vers les autres.

Qu'est-ce que cette journée nous dit de Jésus ?

Connaissez-vous la fresque de Michel Ange sur le plafond de la chapelle Sixtine, à Rome On y voit Dieu tendant la main vers l'homme qui tend aussi la sienne. Entre les deux index, un espace. Il demeure une distance entre Dieu et l'homme. En regardant Jésus dans l'Évangile, nous comprenons qu'il n'y a plus de distance entre Dieu et l'homme. Il est la main que Dieu nous tend.

- Il a pris la main de la belle-mère de Pierre, et la fièvre la quitta. - Il a pris la main du paralytique : "Lève-toi et marche". - Il a tendu la main aux exclus et aux méprisés. Il a serré la main des publicains et des pécheurs avant de s'asseoir à leur table. - Il a posé la main sur le lépreux réputé intouchable. - Et sa résurrection est l'ultime main tendue de Dieu pour que tout homme ait la vie.

En méditant l'Évangile de ce jour, nous apprenons que Jésus est source de Vie ; en lui coule la vie qu'il transmet à tous comme par contagion. Il est la main que Dieu nous tend. Il est celui que Dieu a envoyé dans le monde pour guérir et sauver tous les hommes. C'était hier à Capharnaüm, mais c'est encore aujourd'hui chez nous au Luxembourg. Nous sommes là ce matin pour prendre la main que Dieu nous tend pour qu'il nous relève et nous guérisse. Relevés et guéris, nous sommes envoyés pour être des relais de la vie de Dieu dans nos familles, autour de nous et surtout pour le monde.

Aujourd'hui, l'Église veut mettre l'accent sur le rôle et la valeur irremplaçable des enfants dans la chaîne de la transmission de la vie de Dieu qui coule en eux depuis leur baptême. C'est l'objectif de l'enfance missionnaire. Il s'agit d'ouvrir les enfants à la dimension universelle de l'Église. Leur faire découvrir la réalité des autres enfants du monde, leur permettre de prier pour eux et de partager un peu de leur argent pour financer des projets de solidarité, d'éducation, de santé, au service d'autres enfants.

Cette pédagogie n'a d'autre but que d'aider nos enfants à élargir leur cœur, leur esprit et leur prière, aux vraies dimensions de l'Église, qui est universelle. En apprenant ainsi à aider d'autres enfants selon la devise de l'enfance missionnaire ils deviendront, eux aussi, à leur mesure, des relais de la vie de Dieu qui coule en eux.

### **Missio Luxembourg - Œuvres Pontificales Missionnaires :**

**Pour soutenir l'Église dans le monde :** Propagation de la Foi - CCPL IBAN LU09 1111 0382 9981 0000

**Pour la formation des prêtres :** Prêtres pour le Tiers-Monde - CCPL IBAN LU89 1111 0811 3341 0000

**Pour l'éducation des enfants à la Mission :** Enfance Missionnaire - CCPL IBAN LU69 1111 0171 2351 0000

## **Gedanken fir d'Priedegt vum Kannermissiounssondeg, den 4. Februar 2018**

An e puer Zeilen kréie mer hei am Markusevangelium en typesche, gudd gefüllten Dag aus dem Liewe vum Jesus zu Kafarnaum beschriwen : Mueres ass hien an der Synagog. Da geet hien bei seng Frënn an heelt do dem Péitrus séng Schwéiermamm. Um Sabbatowend ass e groussen Oplaf virun der Dier, well Kranker an Handikapéierter erbäi bruecht ginn. De Jesus heelt allerhand Krankheeten an dreiw vill béis Geeschter aus. An der Nuecht bied hien an decidéiert, an d'Dierfer ronderëm ze goen. Esou gesäit e normalen Dag vum Jesus aus... an e geet eise vollgestopptenen Deeg net wäit aus dem Wee. Mee, do ass deen Ënnerscheid, dat dem Jesus säin Dag ganz am Dingscht vun denen anere steet an datt hien en am Geescht VUN a MAT séngem Papp liewt. Wéi léiere mir hei de Jesus kennen ?

Hutt Dir d'Fresk vum Michelangelo um Plafang vun der Sixtinischer Kapell zu Roum scho gesinn ? Do strecke Gott an de Mënsch sech d'Hänn entgéint. Mee, tèschend denen zee Zeigefangeren bleiwt eng kleng eidel Plaaz. Dat heescht, datt Gott an de Mënsch sech nie ganz beréieren an dat do e Sputt bleiwt. Wa mer awer elo de Jesus am Evangelium kucken, da versti mer dat dës Distanz iwwerwonnen ass ; well de Jesus ass déi Hand, déi Gott äis reecht.

- Hien huet dem Péitrus séng Schwéiermamm mat der Hand geholl, an du war hiert Féiwer ewech.
- Hien huet de Gelähmten mat der Hand geholl an zu him gesot : Stéih op a géih !
- Denen, déi a sénger Zäit als öffentlech Sënner ugesinn gi sinn, an den « Zöllner », déi als kolonial réimesch Steuerbeamten ganz onbeléift waren a fir onéierlech gehale goufen, huet de Jesus d'Hand ginn éier hien sech bei sie un den Dësch gesat huet.
- De Leprakranken hätt am Fong net däerfen ugepaakt ginn, mee de Jesus huet séng Hand op hien geluecht.
- Schliesslech ass dem Jesus séng Operstehung déi läscht Hand, déi Gott äis reecht, fir äis alleguer säi Liewen ze schenken.

Wa mer iwwer eisen Evangeliumstext vun haut nodenken, gesi mer, dat de Jesus d'Quell vum Liewen ass an datt hien äis mat séngem räiche Liewen ustécht. Hien ass dem Härgott séng Hand. Hien ass an d'Welt geschéckt ginn fir äis all ze heelen an ze retten. Dat war deemols esou zu Kapharnaum an et zielt och nach haut bei äis zu Lëtzebuerg. De Moien sinn mir hei, fir eis Hänn an d'Hänn vu Gott ze leeën, fir dat hien äis opriicht an äis heelt. Wa mer da riicht a grond do stinn, gi mer an d'Welt geschéckt. Et ass wéi bei engem Staffellaaf, wou mer dem Härgott séng Fakel an eist eegent Ëmfeld droen, an eis Famill, a se da viru ginn, fir se iwwerall an der Welt liichten ze loosseren.

Haut wëllt d'Kierch d'Roll an den onersetzleche Wäert ënnersträichen, deen och d'Kanner hunn, fir dat göttlecht Liewen virun ze ginn. Sie sinn jo gedeefte an zanter hirer Daaf sinn och sie voll vun dësem Liewen. A grad dat ass de Kanner hir Missioun. Sie solle sech opmaachen fir d'WELT-Kierch. Sie solle léieren, wéi et denen anere Kanner wierklech geet. Wa sie dat wëssen, kënnen sie fir sie bieten, e wéineg vun hirem Täschengeld mat hinnen deelen an domat hëllef, Projekter vu Solidaritéit, Erzéihung a Gesondheet ze bezuelen. Dës Pädagogik wëllt einfach nëmmen eise Kanner hëllef an déi eijentlech universell Dimensioun vun eiser Kierch eran ze wuessen, an dat an hirem Häerz, hirem Geescht an an hirem Gebied.

Wa sie no dëser Devise vum Kannermissiounswierk léieren anere Kanner mat hire Mëttelen ze hëllef, da ginn sie d'Liewen weider, dat Gott och hinnen geschenkt huet an ëmmer erëm schenkt.

### **Missio Luxembourg - Œuvres Pontificales Missionnaires :**

**Pour soutenir l'Église dans le monde :** Propagation de la Foi - CCPL IBAN LU09 1111 0382 9981 0000

**Pour la formation des prêtres :** Prêtres pour le Tiers-Monde - CCPL IBAN LU89 1111 0811 3341 0000

**Pour l'éducation des enfants à la Mission :** Enfance Missionnaire - CCPL IBAN LU69 1111 0171 2351 0000